



Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch Elisabeth MARGUE, dem Finanzminister Gilles ROTH an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus Lex DELLES op d'parlamentaresch Fro n° 2781 vum 14. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.

- 1) Huet de Client ee Recht, fir eng definitiv Rechnung, wou net "pro forma" dropsteet, vum Commerçant anzefuerderen?**
- 2) Wéi soll ee Client sech uleeën, wann ee Commerçant him keng definitiv Rechnung ausstelle wëll?**
- 3) Wéi eng Strofen musse Restaurateuren a Kaf huelen, wa si dem Client keng Kopie vun der Rechnung ausstellen?**

Geméiss dem Artikel 9 vum Code de commerce muss all Händler (*Commerçant*) eng Comptabilitéit hunn, déi der Natur an dem Émfang vu senger Geschäftsaktivitéiten ugepasst ass. All Operatioun muss ouni Verspéidung, op eng korrekt a komplett Aart a Weis, an der richteger chronologescher Reiefolleg an d'Comptabilitéitsdokumenter vum Commerçant agedroe ginn (Artikel 11, Paragraf 2 vum Code de commerce). Eng regulär Comptabilitéit baséiert op der Existenz vu gëltege Beleege, dorënner virun allem Rechnungen déi de Commerçant ausgestallt oder kritt huet. Déi Beleege musse vum Commerçant systematesch 10 Joer laang gehale ginn (Artikelen 14 a 16 vum Code de commerce). D'Absence vun enger regulärer Comptabilitéit ka strofrechtlech verfollegt ginn (Artikelen 489 asw. vum Code pénal). Dës Reegele betreffen allerdéngs an éischter Linn déi intern Gestoun vum der Comptabilitéit duerch de Commerçant, an net d'Dokumenter, déi hie senger Clienten aushändegt.

Nieft de generelle Verpflichtungen zur Comptabilitéit, déi am Code de commerce virgesi sinn, stinn am Artikel 63, Paragraf 4, Punkt 1° vum TVA-Gesetz (*loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée*) d'Operatiounen, fir déi den Händler verpflichtet ass, eng Rechnung auszustellen. Esou wäit wéi dës Verkeef an Déngschtleeschungen op engem reng nationalen Niveau stattfannen, betrëfft d'Verpflichtung haaptsächlech d'Transaktiounen, déi vum Händler un aner TVA-steierpflichteg Persounen – also am Business-to-Business-Bereich – oder un net TVA-steierpflichteg juristesche Persounen (*personnes morales non assujetties à la TVA*) gemaach ginn. An dëse Fäll muss d'Rechnung d'Mentionne beinhalten, déi den Artikel 63, Paragraf 8, vum TVA-Gesetz virgesäit.

Doriwwer eraus sief drop higewisen, dass fir déi korrekt Perception vum der TVA den Artikel 70 vum TVA-Gesetz Follgendes virgesäit:

« À l'effet de permettre aux agents de l'administration (...) de vérifier l'exacte perception de la taxe, toute personne sera tenue de leur communiquer sur demande les documents et factures qu'elle a reçus lors d'une livraison de biens ou d'une prestation de services et de leur fournir tous les renseignements relatifs à ces opérations. La même obligation de communication incombe aux assujettis en ce qui concerne tous les livres, journaux et pièces comptables, les quittances, les extraits bancaires, les bons de commande et les documents d'expédition et de transport. Il en va de même des contrats relatifs à leur activité professionnelle, ainsi que des données concernant leurs caisses enregistreuses et leur gestion de stocks. »



Fir Operatiounen, déi u Privatpersounen ausgefouert ginn, besteet, nom TVA-Gesetz, allerdings keng Verpflichtung dem Client eng Rechnung auszustellen.

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue